LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n°4794 du 2 août 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant "Administration d'une troisième dose du vaccin contre la Covid-19"**

Et ass richteg ass déi däitsch Regierung schonns décidéiert huet eng méiglech 3 Dosis Impfstoff fir verschidden Bevëlkerungsgruppen ze proposéieren. Et handelt sech awer heibäi net ëm eng generell Drëttimpfung fir d' ganz Populatioun, mee eng cibléiert Impfung bei Leit mat méi héijem Risiko oder a speziellen Situatiounen.

Op Basis vun engem Avis vum Héijen Rot fir ustiechend Krankheeten/Conseil Supérieur des maladies infectieuses (HRUK/CSMI) vum 2 Juli 2021 huet och Lëtzebuerg schonns décidéiert eng drëtt Dosis verschiddenen Leit mat enger grousser Immunschwächt unzebidden. Eng ganz Rei Leit hunn och schonns dovun profitéiert.

D' Regierung huet och den HRUK/CSMI gefrot säin Avis ze ginn iwwert eng eventuell Drëttimpfung bei eeleren Leit, besonnesch wann si an Institutiounen liewen. Et gëtt domat gerechent dass dësen Avis virun Enn August virleit a vun der Regierung kann diskutéiert ginn.

D'Validitéit vum Covid-Check Zertifikat gëtt dem Covid-Gesetz no bestëmmt, an ass ginn no enger kompletter Impfung laut der Definitioun am Artikel 1, (Punkt 23). D' Dauer vum Impfzertifikat ass och am aktuellen Covid-Gesetz net zäitlech begrenzt. Eng eventuell Drëttimpfung huet also dorop aktuell keen Affloss.